



Groupe parlementaire

N° 7027
Entrée le 19.10.2022
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.10.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg den 19. Oktober 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Ekonomieminister weiderzeleeden.

Op Basis vun insgesamt véier Arrêtéen vum 1. August 2022 huet den Här Ekonomieminister d'Modalitéite fir d'Wale vun der Personalverriedung am Verwaltungsrot vun der POST fixéiert. Dës sollen de 25. Oktober 2022 stattfannen. Déi privat Salariéë kënnen véier, d'Mataarbechter déi ënnert dem Statut vum öffentlechen Déngscht agestellt sinn, nëmme méi zwee Stellvertrieder an dëse Gremium wielen, nodeems déi entsprechend Mandater bis ewell paritéitesch opgedeelt waren. Dës Changementer koumen op Basis vun den aktuelle Personalzuele bei der Post zustanen a sollen dem Prinzip vun der Proportionalitéit Rechnung droen.

Dës Rechnung gëtt vum Syndicat des P&T deen dës Zuelen als verfälscht interpretéiert, allerdéngs ugezweiwelt, well de Prinzip vun der Proportionalitéit tëschent Mataarbechter ënnert dem öffentlechen an dem private Statut bei der POST, esou wéi en am Artikel 24 Paragraph 1 vum Postgesetz vum 10. August 1992 virgesinn ass an och am Accord de médiation vum 2. Juni 2017 festgehale gouf, säit ville Joren net méi respektéiert gëtt. Sou ginn nei Mataarbechter bei der POST, contrairement zu deene lo just genannten Texter, säit Jore quasi ausschliisslech ënnert dem privatrechtleche Statut agestellt, wat zu enger Disproportioun tëschent öffentlechem a privatem Statut beim Personal vun der POST gefouert huet.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Ekonomieminister gär dës dréngend Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister seng allgemeng Positioun zu dëse Virgäng elaboréieren?
- 2) Kann den Här Minister elaboréieren op wéi eng Manéier hien op déi systematesch Verletzung vum uewe genannte Gesetzestext beim Rekrutement vum Personal bei der POST reagéiere wäert?
- 3) Kann den Här Minister elaboréieren, op hien sech d'Fuerderung vum Syndicat des P&T zu eege mécht, fir seng véier Arrêtéen vum 1. August zeréckzezieie fir den Datum vun de genannte Wale vum 25. Oktober ze verréckelen an d'Mandater vun der Personalverriedung am Verwaltungsrot vun der POST zu engem spéideren Zäitpunkt nees paritéitesch wéi kënnen ze loossen? Falls net, wéi ass déi Decisioun motivéiert?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, Franz Fayot, à la question parlementaire n°7027 du 19 octobre 2022 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser au sujet des élections des représentants du personnel auprès de POST Luxembourg

Zanter der Ofännerung vum POST-Gesetz am Joer 2016 gëtt d'Opdeelung vun de Personalvertrieder am Verwaltungsrot vun der POST d'Proportioun rëm, wéi vill Mataarbechter ënnert dem Statut vum ëffentlechen Déngscht ("agent de droit public") a wéi vill ënnert dem private Statut ("salarié") do schaffen. Dëse Prinzip ass am Artikel 8, Paragraf 4, vum POST-Gesetz festgehalen.

Den Artikel 24, Paragraf 1, vum POST-Gesetz gesäit vir, dass bei der POST esouwuel Leit mam Statut vum Privatrecht wéi och mam Statut vum ëffentleche Recht kenne schaffen: „*Le régime des agents de l'entreprise est soit un régime de droit public, soit un régime de droit privé.*“. Domadder si béid Statuten am Gesetz verankert.

Et ass wichteg dorobber hinzeweisen, datt d'POST-Gesetz am Artikel 24, Paragraf 1, grad ewéi och den Accord de médiation vum 2. Juni 2017 iwwer d'Interpretatioun vun dësem Artikel, kéng chiffriert Proportioun oder Opdeelung tëscht béide Statute beim Personal virschreiwen. An dësem Kontext gëtt verwisen op d'Ordonnance de référé n°48045 vum Verwaltungsgericht vum 24. Oktober 2022: "*Il appert dès lors que l'article 24, alinéa 1er, tel que modifié, ne vise a priori pas (...) à instaurer une égalité au niveau des recrutements, dans le sens que le nombre d'agents privés recrutés devrait plus ou moins équivaloir au nombre d'agents publics recrutés (...)*".

Op Grond vun där Ordonnance war et richtig, fir der Fuerderung vum Syndicat des P&T net nozekommen fir di 4 Arrêtéen vum 1. August 2022 zeréckzezéien, a fir den Datum vun de Wale fir d'Personalvertrieder deemno wéi ursprénglech geplangt de 25. Oktober bäizebehalen an dës ze organiséieren, esou wéi et an de genannten Arrêtée festgehal war.

Et sief nach drop higewisen dass d'ASTellungspolitik bei POST Luxembourg ënnert d'Responsabilitéit an d'Opsiicht vum Comité exécutif a vum Verwaltungsrot vu POST falen, wéi och an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro 7033 erkläert gouf.

Luxembourg, le 21/11/2022

Le Ministre de l'Économie

(s.) Franz Fayot